CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 DEC. 2015
1626

CSV FRAKTIOUN

Här Mars Di Bartolomeo
Chamberspresident
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Laut Artikel 80 vum Chambersreglement, bieden ech lech folgend Fro iwwert den Transport- Service "Adapto" un den Här Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister François Bausch weiderzeleeden.

Den Transport-Service, dee bis Ufank dëses Jores als Novabus am ganze Land bekannt war, gouf virun e puer Méint ëmgedeeft an heescht elo "Adapto", grad esou wéi den "Ediff" Transport elo de neien Numm " Capabs" dréit.

Et handelt sech heibäi ëm e spezialiséierte Ruffbussystem matt deem Leit matt enger Behënnerung kënnen op hir Aarbecht, respektiv Leit mat spezielle Bedierfnisser kënne Fahrten accordéiert kréien, e.a. och bis bei hiren Dokter, an op dee Wee onofhängeg bleiwe vun Drëttpersounen.

Zënter dem 1. Mee ass de Novabus-System grad wéi dee vun den "Ediff"-Transporter reforméiert ginn a fält net méi ënnert Kompetenz vun der Familljeministesch an dem Inneminister, mee ënnersteet just nach dem Nohaltegkeetsminister. Dës Reform hat och am Virfeld fir Kritike vun de Behënnertenorganisatiounen un der Informatiounspolitik vum Nohaltegkeetsministère gesuergt.

Et ass mer elo zu Ouere komm, datt bedauerlecherweis d'Demande fir déi jo elo net méi gratis Adapto-Kaart oder speziell Adapto-Ufroen ëfters mat Retarde bis zu 4 Méint behandelt géife ginn. Och Leit, déi den Adapto vum Dokter opgeschriwwe kritt hunn an drop ugewise si wéinst enger medezinescher Behandlung transportéiert ze ginn, missten dës Waardezäit mat a Kaf huelen oder kréiche geäntwert, si missten sech dann eben en Taxi huelen. Hei handelt sech haaptsächlech ëm eeler Leit oder awer Leit matt engem méi oder manner graven Handicap.

Dofir folgend Froen un den Här Minister:

- Kann den Här Minister mer dëst bestätegen a wa jo, wéivill Demandë leien do?
- Deelt den Här Minister meng Meenung, datt esou laang Friste vu bis zu 4 Méint net acceptabel sinn? Wat gedenkt en dergéint z'ënnerhuelen?
- Wéi gedenkt de Minister de concernéierte Leit en attendant kuerzfristeg ze hëllefen?

- Wier et net sënnvoll Drénglechkeetskritäre fir d'Behandlung vun den Demanden ze berücksichtegen?
- Ass et denkbar, dass an deene Fäll sech d'Gesondheetskeess un den ufalenden Taxiskäschte kéint bedeelegen?
- Wéivill Leit hunn de Moment eng Adapto-Kaart an a wéivill Persoune kruten hier speziell Ufroen accordéiert ? Wat ass d'Differenz par Rapport zu der Zuel vun de fréieren Novabusbenotzer?
- Huet den Här Minister Kritäre fixéiert déi garantéieren, dass all Ufro gläich behandelt gëtt? Wa jo wat fir eng? Am anere Fall, ass et virgesi fir esou Kritären anzeféieren?

Mat déiwem Respekt.

Sylvie Andrich-Duval
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JAN. 2016

**Monsieur Fernand Etgen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1626 du 9 décembre 2015 de l'honorable députée Madame Sylvie Andrich-Duval, concernant le service de transport « Adapto », tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre du Développement durable**
**et des Infrastructures**

**Réponse de Monsieur François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, à la question parlementaire n° 1626 du 9 décembre 2015 de Madame la Députée Sylvie Andrich-Duval**

D'Madame Deputéiert freet no de Prozeduren an Délaiën, wat den Traitement vun Demanden betrëfft fir Leit mat Behënnerung an ageschränkter Mobilitéit déi wëllen de Spezialtransport „Adapto" (fréier „Novabus") benotzen.

Am Fréijoër sinn d'« Ediff »-Transporter grad sou wéi Adapto reforméiert ginn, ënnerstoungen allerdéngs och virdrun ëmmer ënner menger Kompetenz.

Contrairement zu ärer Ausso ass d'"Carte d'accès" zu Adapto gratis.

Ech wëll och betounen dass Adapto-Transporter sech u Persounen mat Behënnerung an ageschränkter Mobilitéit riicht, an net un eeler Leit ausser si hätten eben esou eng Behënnerung.

Doriwwer eraus hunn och Persounen den Accès zum Transport gefrot, fir sech kënnen a regelméisseg medezinesch Behandlung, notamment am Rehazenter, féieren ze loossen. Ech wëll awer drop hiweisen, dass eisen Transport keen Ersatz zu Taxi-Ambulanzen ass an och net fir ze kompenséieren, dass d'Krankekees déi Käschten net iwwerhëllt. Wann di betraffe Leit d'Critèren erfëllen fir eng Kaart ze kréien, kréien si déi och an zwar no de selwechten Délaiën a Prozeduren wéi all di aner Leit.

D'Prozedur fir eng Demande ze machen fir an de Genoss vun deenen Transporter ze kommen, gesäit zanter dem 1.3.2015 vir, dass d'Leit hir Demande iwwer Formulaire a mat engem virgeschriwwenen Certificat médical, un den MDDI adresséieren. Virdrun ass et duergaangen, wann si eng Invalidekaart Typ B oder C vum Inneministère haten.

- Bis Enn Dezember krute mir 2.203 Demanden. Dat sinn der extrem vill, wann ee bedenkt, dass et bis Ufank 2015 tëschend 4.000 an 5.000 regelméissech Novabus Clienten goufen.
- Zäiteweis huet et tëschend 1-2 Méint gedauert, fir d'Demanden ze beaarbechten, net 4 Méint. Méi laang kann et héchstens daueren, wann de Fall net kloer ass, an d'Persoun nach e Führerschein huet an den Dokter awer certifiéiert dat si net méi apte wier fir mam Auto ze fueren; wäll dann natirlech mussen Prozeduren laut Code de la Route agehale ginn, wat zu Verzögerunge ka kommen.
- Kuerzfristeg kann een d'Demanden net anescht traitéieren ewéi bis elo. Et gouf keen zousätzleche Posten a mengem Département dofir geschafen, wat awer opgrond vum groussen Opwand misst geschéien.
- Et misst tatsächlech d'Gesondheetskees erugezunn ginn an deem Dossier. Do goufen et och schon Kontakter am Virfeld. Vu dass d'Zil vun dësem Service net war, fir Leit a Behandlungen ze féieren, mee iwwerhaapt emol behënnerte Leit eng Mobilitéit unzebidden déi keng aner Méiglechkeet hunn fir um soziale Liewen deelzehuelen, ass entretemps de Kader gesprengt ginn dovun.

- Bis den 31.12.2015 hunn 1.127 Leit eng Kaart kritt. Et goufen der 552 net accordéiert wäll den Handicap net de Critèren entsprach huet.
- Selbstverständlech ginn all Demanden d'selwecht behandelt. Déi Fro widdersprëcht allerdéngs dem Hinweis, dass Leit wéinst enger medezinescher Behandlung och missten di Waardezäit vun der Prozedur mat a Kaf huelen.